



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheitsministesch an vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6123 vum 29. Abrëll 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. Kann d'Ministesch méi détailléiert erklären, awéifern d'Aarbechtsgruppen un dësem Projet schaffen? Schaffen d'Aarbechtsgruppen nach Detailler vum Plang aus oder schaffen si ausschliisslech un der praktescher Ëmsetzung?

Souwuel d'Direktioun vum Centre hospitalier de Luxembourg (CHL) a vum Centre hospitalier du Nord (CHdN) wéi och d'Acteure vum Terrain hunn sech zesummegesat fir d'Konzept auszeschaffen op Basis vun den Dispositiounen vun der Annexe 2 vum Spidolsgesetz. Déi praktesch Modalitéite vun dëser Zesummenaarbecht sinn a Reunionen ausgeschafft ginn a sinn d'Grondlag vun der Convention de collaboration déi tèschent dem CHL an dem CHdN ënnerschriwwen gouf.

2. Wéi eng Aspekter vun deem Plang verlaangen nach no engem Traitement an den Arbechtsgruppen?

D'Organisatioun vun der Zesummenaarbecht tèschent dem Service national de néonatalogie vum CHL, dem Service d'obstétrique vum CHdN, den eenzelen Dokterspécialitéiten an dem Corps Grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) ass progressiv ausgeschafft ginn an détailléiert souwuel d'Formatiounen, d'Assistenz per Telemedizin, den Deplacement vum Service d'aide médicale urgente (SAMU) Neonatal fir d'Aktivitéite vun der Maternité vum CHdN sécherzestellen. Des Modalitéite wäerten och fir d'Maternité vum CHEM ëmgesat ginn.

3. Gëtt et beim Plang nach Diskussiounsspillraum oder ass dëse finaliséiert?

De Plang ass a senger praktescher Detailler finaliséiert a gëtt duerch eng Konventioun ëmgesat.

4. Wäert de fäerdege Plang mat den Arbechte vun den Arbechtsgruppen ëffentlech gemaach ginn?

Sou wéi d'Annexe vum Gesetz et virgesäit gëtt d'Konventioun ëffentlech zougänglech gemaach.

5. Goufe beim Ausschaffe vum Plang niewend dem Gesetz vun 2018 och nach aner Gesetzer oder Reglementen consideréiert?

D'Grondlag vum Plang a vun der Ëmsetzung vun de Modalitéite baséiert sech op d'Ufuerderunge vun der Annexe 2 vum Spidolsgesetz a sengen Ausféierungsbestëmmungen.

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2022

D'Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert